LSAP

N°2759
Entrée le 08.08.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.08.2025
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 8. August 2025

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an un den Inneminister weiderzeleeden.

A senger Erklärung zur Lag vun der Natioun am Juni 2024, huet de Premierminister ugekënnegt, datt „et bis Enn 2025 een nationaalt Standard-Bautereglement mat eenheetleche Reegele wäert ginn".

An deem Kontext wéilte mir der Regierung follgend Froe stellen:

- Wéi wäit ass dëse Projet, 4 Méint virum Enn vum Joer 2025, fortgeschratt?
- Wäert dee vum Premier ugekënnegten Termin nach agehale kënne ginn? Wéini wäert dat neit Standard-Bautereglement beschtefalls a Kraaft trieden?
- Gëtt et um Niveau vum Inhalt vum kommende Standard-Bautereglement en iwwergräifende Konsens tëscht de Gemengen?
- Wéi ee Spillraum wäerten d'Gemenge behalen, fir "urbanistesch Detailer" - wéi de Premier dat ausgedréckt hat - ze definéieren?

Mat déiwem Respekt,

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten

Dan Biancalana
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu